N°3800
Entrée le 17.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3800 vum 20. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

**1. Dierf een Dierwiechter een Dierschlass a sengen Interventiounen wiesselen?**

Laut dem Artikel 723[1] vum Nouveau Code de Procédure Civile dierf den Dierwiechter, a Präsenz vun engem "officier de police judiciaire", zouen Dieren opmaachen am Kader vun enger Saisiesprozedur. A verschiddene Fäll kënnt et vir, dass d'Schlass dobäi beschiedegt gëtt. An deem Fall muss d'Schlass ersat gi fir sécher ze stellen, dass d'Wunnengsdier och rëm uerdnungsgeméiss kann zougespaart ginn.

**2. Dierf een Dierwiechter dat och, wann d'Wunneng enger anerer Persoun gehéiert, déi net vun der Justizentscheedung betraff ass?**

Den Dierwiechter dierf dat och, wann d'Wunneng enger anerer Persoun gehéiert, déi net vun der Justizentscheedung betraff ass. Wann den Dierwiechter nämlech eng Saisie bei engem Debiteur wëll maache fir eng Justizentscheedung z'exekutéieren, muss hien als alleréischt d'Entscheedung zoustellen, duerno an enger zweeter Etapp e Commandement zoustellen, iert dann als drëtt a lescht Etapp virun enger Zwangsstee, d'Saisie gemaach gëtt. Fir all déi Etappe muss den Dierwiechter kënnen op de Wunnsëtz vum Debiteur goen, dat heescht, op déi Adress op där den Debiteur um Registre national des personnes physiques (RNPP) agedroen ass a säin offizielle Wunnsëtz huet. Den Dierwiechter huet dofir en Accès op den RNPP fir d'Adress vum Wunnsëtz ze kontrolléieren. Den RNPP huet awer keng Daten, déi et erméiglleche Proprietéitsverhältnisser vum Wunnsëtz ze kontrolléieren. Den Dierwiechter huet deemno an deem Kader keng Méiglechkeet fir erauszefannen, wien de Proprietaire vun der Wunneng ass.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue

[1] *Art. 723 NCPC : Si les portes sont fermées, ou si l'ouverture en est refusée, l'huissier pourra établir gardien aux portes pour empêcher le divertissement : il se retirera sur-le-champ, sans assignation, devant le juge de paix ou devant un autre officier de police judiciaire territorialement compétent en présence duquel l'ouverture des portes, même celle des meubles fermants, sera faite, au fur et à mesure de la saisie. L'officier qui se transportera ne dressera point de procès-verbal ; mais il signera celui de l'huissier, lequel ne pourra dresser du tout qu'un seul et même procès-verbal.*